LSAP

Régis **Moes**

SENNENGERBIERG

Gemengerot Nidderaanwen
Fréiere President JSL
Historiker
Chercheur uni Lëtzebuerg

Als jéngste Kandidat am Zentrum wëll ech dofir suergen, datt jonk Leit sech an Zukunft erëm eng Wunneng an eiser Géigend leeschte kënnen.

Ech wëll Lëtzebuerg méi modern a méi gerecht maachen, fir datt déi Jonk rëm mat Optimismus an d'Zukunft kucke kënnen. Ech si mat 16 Joer an d'LSAP gaang an hunn, parallel zu ménge Studien zu Bréissel a Paräis, als aktive Jongsozialist gesinn, datt d'LSAP déi Partei ass, déi mat Idealismus a Realitéitsënn, eist Land no vir bréngt. Nieft menger Aarbecht als Historiker op der Uni zu Walfer, wou ech am Kader vu mengem Doktorat, Recherche maachen a Course ginn, sinn ech bei de leschte Gemengewahlen an den Nidderaanwener Gemengerot gewielt ginn. Hei sinn ech mir bewosst ginn, datt vill staatlech Prozedure Projete verzögeren, déi um Terrain néideg sinn, ënnert anerem am Wunnengsbau. D'Politik méi einfach ze maachen, am Sënn vun de Leit, ass ee vu mengen Ziler.

Wann ech gewielt ginn, maachen ech als éischt:
Virschléi fir méi erschwéngleche Wunnraum fir jonk Leit ze schafen a probéieren déi Jonk fir Fuerschung an Innovatioun ze begeeschteren, déi eist Land fir seng Zukunft brauch!

Wann ech net grad schaffen oder Politik maachen, dann:
Treffen ech mech mat Kollegen, engagéiere mech am Nidderaanwener Jugendhaus, hëllefen op Grillfester, liesen.

Dës Reform oder Erfindung bewonneren ech am meeschten:
D'Ofschafe vun der Doudesstrof. Déi Politiker, déi dëst ëmgesat hunn, wéi de Robert Krieps bei eis, sinn hiren Idealer trei bliwwen, och wann d'Majoritéit vun de Leit net onbedéngt domat averstane war. Prinzipie si wichteg an der Politik.

Gléck ass fir mech:
Gebuergenheet. En häerzhaft Laachen. Schlof. Mäi Frëndeskrees.

Am léifste géif ech op dëser Plaz vun der Welt liewen:
Sennéngerbierg!

Meng Stäerkte sinn:
Virwëtz, Hartnäckegkeet, Gedold.

A meng Feeler / meng Schwächten:
Virwëtz, Hartnäckegkeet, Onpénktlechkeet.

Am léifsten iessen an drénken ech:
Sushi, Gromperekichelcher a Kniddelen. E Glas gudde roude Wäin oder e wäissen Ourdaller.

Zur Zäit liesen ech:
Peste & Choléra (Patrick Deville).

Am beschten entspane kann ech mat dëser Musek:
Bei egal wéi enger roueger Musek, vu Klassik bis Rock-Balladen. Soss lauschteren ech gären däitsche Rock (Die Toten Hosen, Die Ärzte) an aktuell franséisch Musek (Stromae, Grand Corps malade).

Wann ech kéint mat enger reeller oder fiktiver Persoun tauschen, da wier ech am léifsten:
De Victor Hugo, well dee sech säi Liewe laang géint d'Ongerechtegkeet opgeleent huet.

Mäi Liewensmotto:
D'Liewen ass kee Kichelchen!

Meng Aarbecht als Historiker, fir d'Vergaangenheet nei opliewen ze loossen, ass eng richteg Leidenschaft.

Maniffen an Aktioune gehéieren och derzou, wann ee sengen Iddie Gehéier verschafe wëll.

Déi benevol Aarbecht an de Veräiner, déi dat gesellschaftlecht Liewen an eise Gemenge prägen, mécht och Spaass.

„Loscht op eng gerecht an oppe Gesellschaft fir d'Lëtzebuerg vu muer "